Gringgo Invest

Finanziell Ënnerstëtzung fir Är nohalteg Projeten

Dir plangt

- **en neie Betrib ze grënnen oder z'iwwerhuelen,**
- **e Produkt z'entwéckelen, ze produzéieren oder eng Déngschtleeschtung unzebidden ?**
- **Dir wëllt mat Ärer Entreprise an engem staarke Reseau vun nohaltege Betriber Member ginn an doduerch och nach nobausse méi visibel ginn?**

Da gitt Deel vum regionalen Netzwierk Gringgo!

Entsprécht Äre Projet de Gringgo-Krittäre vun Nohaltegkeet a vu sozial-ekologesche Richtlinnen, da siche mir zesummen no der beschter a flexibelster Léisung fir dran z'investéieren. Dat kann iwwer d'Ofséchere vun engem Prêt, d'Kafe vu Parten, d'Iwwerhuele vun enger Pacht bis zu enger Garantie bancaire goen.

GEWËNN MAT SËNN Gringgo

MITGLIED DES Regionalwert NETZWERK

Gringgo s.c.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
T 671 025 650
E info@gringgo.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

www.gringgo.lu

Investéiert och Dir a Biergerparten

Gringgo, eng "Regionalwert AG" fir ganz Lëtzebuerg!

D'Ziler sinn d'Stäerkung vun der regionaler Ekonomie an d'Schafe vun engem gesellschaftleche Méiwäert op eng fair, nohalteg a participativ Manéier.

D'Gringgo Visioun fir d'Regioun

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass mir déi global Erausfuerderunge léise kënnen, wann sech d'Bierger zesummendinn an an hire Regiounen aktiv ginn. Gringgo investéiert an eng nohalteg Wirtschaft a mécht eis Regioune fit fir d'Zukunft. Gringgo investéiert, fir datt nei Betriber sech kënnen installéieren, kleng a Familljebetriber weiderhi Perspektiven hunn an Handwierksbetriber erhale bleiwen.

Iwwert eng oder méi Parten (200 €/Part) kann een sech u Gringgo s.c. bedeelegen an esou och un nohaltege Projete vun Entreprisen aus de Regioune vum Land. Dës Projete ginn op Grond vun ekonomeschen, ökologeschen a soziale Krittäre vu Gringgo ugeholl. Als Kooperateur ass ee mat de regionale Betriber vernetzt a profitéiert doduerch finanziell an och a sengem Alldag vum zukünftege wirtschaftlechen Erfolleg vun der regionaler nohalteger Wirtschaft.